# Simulatioun vun enger Gemengerotssëtzung

| | |
|---|---|
| **Lien mam Léierplang** | Theemeberäich Gemeng: Aufgaben, Finanzéierung, Walen, Institutiounen, politesch Participatioun |
| **Kompetenzen** | Kommunikatiouns- an Urteelskompetenz |
| **Dauer** | 2 x 50 Min. |
| **Methoden** | Simulatiounen, Pro- a Kontradebatt, Diskussioun |
| **Ressourcen** | Kopéiervirlagen ①+②, Pabeier, Stëfter |

**Didaktesch Hiweiser**

- D'Simulatioun kann als Erweiderung vum Projet „Was wird aus der Haardt?" aus dem Schoulbuch *Éducation à la citoyenneté* agesat ginn.
- D'Participanten*ë sollen esou um Dësch sëtzen, wéi et am Gemengerot de Fall ass (cf. Sëtzuerdnung op der Kopéiervirlag ①).

**Oflaf**

- Déi Jonk kréien d'Kopéiervirlag ① (Simulatioun – Diskussiounen am Neiduerfer Gemengerot) an d'Kopéiervirlag ② (Simulatioun – Mir schaffen eng Propositioun aus, Diskussiounsvirlag 1) ausgedeelt. Zwou weider Diskussiounsvirlage stinn online zur Verfügung.
- Féiert fir d'éischt d'Theema mathëllef vun der Kopéiervirlag ① an.
- Deelt d'Léiergrupp a fënnef d'selwecht grouss Ekippen op. Eng Ekipp entsprécht enger vun de véier Parteien (ESP, BP, PFF a WP). Eng weider Ekipp iwwerhëlt d'Roll vum Jugendrot.
- D'Gruppen eegene sech drop, wie se spéider am Gemengerot vertrëtt: 2 x USP, 4 x BP, 5 x PFF, 2 x WP. De Jugendrot bestëmmt ee/eng Spriecher*in.
- D'Gruppememberen diskutéieren d'Positioun vun hirer Partei bzw. vum Jugendrot. D'Gruppen iwwerleeë sech scho méiglech Kompromësser, fir zesumme mat anere Parteien eng Majoritéit am Gemengerot ze bilden. D'Propositioun gëtt an d'Kopéiervirlag ② agedroen an a Stéchwierder festgehalen.
- D'Gemengeconseilleren*ërë fanne sech am Gemengerot zesummen. De Virsëtz iwwerhëlt de/d'Spriecher*in vun der gréisster Partei, deen/déi gläichzäiteg och Buergermeeschter*in ass.
- All Partei presentéiert hir Propositioun. De Jugendrot kritt och d'Méiglechkeet, seng Iddie virzestellen.
- De/D'Buergermeeschter*in gëtt d'Wuert a leet d'Diskussioun iwwer d'Notzung vum Grondstéck. Wann d'Membere vum Gemengerot net mat enger nohalteger Propositioun kommen, kënnen d'Gruppe sech nees zréckzéien, fir sech ze beroden, woubäi och iwwer Parteigrenzen ewech Kompromësser ausgeschafft kënne ginn.
- De Gemengerot trëtt nees ënner der Leedung vum/vun der Buergermeeschter*in zesummen. D'Positioune ginn op en Neits virgestallt an da gëtt ofgestëmmt.
- Bei engem ëffentleche Vott gëtt d'Propositioun vun der Majoritéit vun de Membere vum Gemengerot ugeholl.

# Simulatioun – Diskussiounen am Neiduerfer Gemengerot ①

**Diskussiounsvirlag 1**

Am Neiduerfer Gemengerot soll decidéiert ginn, wéi d'Grondstéck „Um Knapp" an der Rue Einstein bebaut soll ginn. Et gëtt schwéier, eng Léisung ze fannen, mat där jiddereen averstanen ass. D'Positioune leie wäit auserneen. Ausserdeem huet de Jugendrot vun der Gemeng sech am Virfeld vun den Diskussiounen iwwer d'Notzung vum Grondstéck un de Gemengerot (GR) gewant, mat der Fuerderung vu ville Jonken a Kanner, fir méi Fräizäitaktivitéiten ze suergen an eng Spillplaz, e Fussballterrain an eng Skaterpist um Grondstéck unzeleeën. Éier et zu enger endgülteger Diskussioun an Ofstëmmung am Gemengerot kënnt, zéie sech alleguerten d'Gemengeconseilleren*èren zeréck a berode jeeweils mat de Parteimemberen:

- iwwer méiglech Argumenter, déi se am Gemengerot virbrénge kënnen an
- iwwer eng méiglech Strategie bei der Ofstëmmung, wann et drëm geet, Allianze mat anere Parteien ze forméieren.


Eréischt da kommen d'Membere vum Gemengerot zeréck an de Sitzungssall, fir ënner der Leedung vum/vun der Buergermeeschter*in an a Presenz vun interesséierte Bierger*innen eng Decisioun ze treffen.

**PFF** • D'**Partei fir Fortschrëtt**
setzt sech fir de wirtschaftleche Wuesstem an d'Interesse vu Betriber an.

**BP** • D'**Biergerpartei** wëll de ländleche Charme vum Duerf erhalen: d'Liewensqualitéit a d'Sécherheet sinn Haaptprioritéiten.

**WP** • D'**Wuelstandspartei**
wëllt e modernt Neiduerf mat luxuriéisen Appartementshaiser esouwéi Büroen a Geschäfter, fir en attraktiivt Wunn- an Aarbechtsëmfeld ze schafen.

**ESP** • D'**Ëmweltschutzpartei**
mécht sech fir Mënscherechter, Ëmweltschutz an Nohaltegkeet bei all de Gemengeprojete staark.




(GR) = Gemengerot / (BM) = Buergermeeschter*in

**Ofstëmmung am Gemengerot**
De Gemengerot kann nëmmen ofstëmmen, wann d'Majoritéit vu senge Membere present ass. E Projet gëllt als ugeholl, wann d'Majoritéit vun de Stëmmen dofir ass. Kënnt et zu enger Pattsituatioun (z. B. 6 Stëmme géint 6 bei enger Abstentioun), da gëtt de Vott op déi nächst Gemengerotssëtzung ajournéiert. Wann et op en Neits zu enger Pattsituatioun kënnt, dann ass d'Stëmm vun der Buergermeeschterin bzw. dem Buergermeeschter oder vun där Persoun, déi hien/si vertrëtt, entscheedend.


Source: duerchbléck! Nr. 1 – Gemengen a Walen


# Simulatioun – Mir schaffen eng Propositioun aus ②

Um Plang vun der Neiduerfer Gemeng erkennt een, datt ronderëm den Zentrum eng Zon fir Fräizäitaktivitéiten ass, dorënner och e Sportzenter. Direkt do niewendru soll eng nei Bebauungsfläch erschloss ginn. D'Grondstéck „Um Knapp" huet ongeféier 15 000 m².

Zeechent d'Propositioun, déi Är Partei ausgeschafft huet, an de vergréisserte Plangausschnëtt. Berücksichtegt dobäi schonn eventuell Wënsch vun anere Membere vum Gemengerot.

Denkt drun: Nëmmen déi Propositioun, déi vun der Majoritéit am Gemengerot guttgeheescht gëtt, gëtt ugeholl.





Source: duerchbléck! Nr. 1 – Gemengen a Walen

# Gemengepolitik – Wat ass dat?

- Setzt d'Fotoe bei déi richteg Aufgabeberäicher an d'Tabell. Wat fir eng aner Aufgabe falen iech an?
- Wat fir eng Aufgabeberäicher vun de Gemenge sinn Ärer Meenung no obligatoresch Aufgaben a wat fir eng si fräiwëlleg? Begrënnt Är Äntwert.


Grondschoul Ettelbréck, Foto © Christiane Wetzel-Weis


Walfer Sportzenter, Foto © Gemeng Walfer





Miersch Bibliothéik, Foto © Mierscher Lieshaus


Kierfech Merl, Foto © Stad Lëtzebuerg – Charles Soubry

| Aufgabeberäicher | Beispiller |
|---|---|
| Energieversuergung: | Gas |
| Entsuergung: | Ofwaasser |
| Gemengestroossen: | Velósweeër |
| Bau/Ënnerhalt vu: | Spillschoul |
| Kulturofferen: | Musée |
| Soziales: | Jugendhaus |
| Weider wichteg Aufgaben: | Hochzäit ob der Gemeng, Pompjeeën, Tourismus |



Gemengestrooss, Foto © Stad Lëtzebuerg – Charles Soubry

Déi obligatoresch Aufgabe ginn de Gemenge per Gesetz virgeschriwwen. Déi fräiwëlleg Aufgaben iwwerhuelen d'Gemengen, fir d'Liewensqualitéit vun de Bierger*innen an d'Attraktivitéit vun de Gemengen ze steigeren.


Réidener Schwämm, Foto © Réidener Schwämm


Offallentsuergung, Foto © Stad Lëtzebuerg – Charles Soubry

Wat géings du gär an denger Gemeng änneren? Wéi kanns du matwierken?




Source: duerchbléck! Nr. 1 – Gemengen a Walen

# Gemengepolitik – Wat ass dat?

- Markéier all d'Wierder, déi op Zoustännegkeete vun der Gemeng hiweisen.
- Schreif en eegene kuerzen Text iwwer däin Alldag. Wat huet dee mat der Gemeng ze dinn?

**E Schouldag am Emma sengem Liewen …**

| | |
|---|---|
| 6:30 Auer | D'Emma steet op. Et mécht d'Luucht un an hëlt eng Dusch. |
| 7:15Auer | Nom Moiesiesse freet seng Mamm et, den Offall nach an d'Poubelle ze droen. |
| 7:25 Auer | D'Emma verléisst d'Haus a mécht sech op de Wee an d'Schoul. Op der geféierlecher Kräizung steet e/eng Gemengenaarbechter*in, deen/déi d'Emma a seng Frëndin iwwer d'Strooss begleet. Da geet et weider iwwer de Vëloswee a Richtung Schoul. |
| 7:30 Auer | Déi zwou Frëndinnen tréppele laanscht d'Sportshal „Bridder Schleck", wou se owes Karatetraining hunn, wann d'Heizung dann net schonn nees futti ass. |
| 12:00 Auer | No der Schoul, geet d'Emma mat senge beschte Frëndinnen an d'Maison relais, wou haut Frittefreideg ass. |
| 16:15 Auer | Am Nomëtteg hëlt säi Papp et of, fir séier seng nei Carte d'identité an de Populatiounsbüro sichen ze goen. |
| 17:00 Auer | D'Emma trefft sech mat senge Frëndinnen am Jugendhaus, wou se mat der Educatrice en Theaterstéck prouwen. |
| 19:00 Auer | Dono geet et op de Karatetraining. |

**Mäin Alldag zu …**

Source: duerchbléck! Nr. 1 – Gemengen a Walen

# Test däi Wëssen!

➤ Schafft zu zwee an zwee un der Aufgab. Schneit déi eenzel Casen aus a setzt all Erklärung bei dee richtege Begrëff, andeems der se jeeweils beieneen op e Blat pecht. Alternativ kënnt dir och de QR-Code scannen an d'Aufgab online maachen.


| | |
|---|---|
| **Gemeng** | Leeden zesumme mam Buergermeeschter oder mat der Buergermeeschterin d'Gemeng. |
| **Buergermeeschter*in** | D'Recht ze wielen oder gewielt ze ginn. |
| **Schäffen** | D'Méiglechkeet, per Bréif seng Stëmm bei de Walen ofzeginn. |
| **Gemengerot** | Plaz, wou gewielt gëtt. |
| **Wieler*in** | E Bréif, deen opfuerdert, un de Walen deelzehuelen an de Walvirgang erkläert. |
| **Partei** | Dorop stinn d'Persounen oder d'Parteien, déi sech fir d'Walen opstellen. |
| **Stëmmziedel** | Zesummeschloss vu Mënschen, déi änlech politesch Ziler verfollegen. |
| **Wielerlëscht** | Déi klengst politesch Unitéit zu Lëtzebuerg. |
| **Walrecht** | Chef*fin vun der Gemeng an dem Gemengerot. |
| **Walpflicht** | Vertrëtt d'Interesse vun de Bierger*inne vun enger Gemeng. |
| **Waldag** | D'Flicht, u Walen deelzehuelen. |
| **Convocatioun** | Lëscht vun de Bierger*inne vun enger Gemeng, déi däerfe wielen. |
| **Bréifwal** | Awunner*inne vun der Gemeng, déi an der Wielerlëscht ageschriwwe sinn an all 6 Joer de Gemengerot wielen. |
| **Walbüro** | Den Dag, wou all sechs Joer gewielt gëtt (sonndes tëschent 8:00 a 14:00 Auer). |

Online-Versioun vun der Aufgab:

*http://www.edulink.lu/axdb*

Source: duerchbléck! Nr. 1 – Gemengen a Walen

# Bedeelegung an der Gemeng – Wéi geet dat?




- A wat fir engem Rhythmus fannen d'Gemengewale statt?
- Wie wielt de Gemengerot?
- Wie wielt de/d' Buergermeeschter*in an de Schäfferot?
- Wat fir eng Participatiounsméiglechkeeten hunn d'Bierger*innen?
- Wie spillt ärer Meenung no déi wichtegst Roll an der Gemeng? Spigelt d'Scheema dat zeréck?

Source: duerchbléck! Nr. 1 – Gemengen a Walen

# Bedeelegung an der Gemeng – Wéi geet dat?

- Et duerf een net méi Stëmme verginn ewéi Sëtzer am Gemengerot ze besetze sinn. Däi Walziedel ass soss ongülteg. Ziel dofir zum Schluss einfach nach eng Kéier d'Stëmmen zesummen.
- Op dengem Stëmmziedel duerfe keng Kennzeechen (Smiley, Numm, asw) stoen, duerch déi een dech kéint erëmerkennen, soss ass en ongülteg.
- A Proporzgemenge kanns du engem/enger Kandidat*in maximal zwou Stëmme ginn. Et gi verschidde Méiglechkeeten, wéi s du deng Stëmme verdeele kanns.

## Wielen an enger Majorzgemeng (Awunnerzuel < 3 000)

**Elections Comunales**
**du 11 juin 2023**
Election de 9 conseillers
dans la comune de BATTANGE-HAUT

**Gemeinderatswahlen**
**vom 11. Juni 2023**
Wahl von 9 Gemeinderatsmitgliedern
in der Gemeinde BATTANGE-HAUT

| | | |
|---|---|---|
| 1. | ARENDT Michèle | |
| 2. | AMARAL REBELO Liz | |
| 3. | BACKES Erny | |
| 4. | BECKER Claude | |
| 5. | CASTELLANI Marc | |
| 6. | CORREIA Pedro | |
| 7. | COLUCCI Emily | |
| 8. | GENOT Florian | |
| 9. | MILLER Jacqueline | |
| 10. | MÜLLER Fränk | |
| 11. | ZANUSSI Andrea | |

eenzel Kandidaten*innen ukräizen

An dësem Fall: maximal 9 Kräizercher

## Wielen an enger Proporzgemeng (Awunnerzuel > 3 000)

**ELECTIONS COMMUNALES**
du 11 juin 2023

**Election de 13 conseillers dans la comune de NEUDORF**

**GEMEINDERATSWAHLEN**
vom 11. Juni 2023

**Wahl von 13 Gemeinderatsmitgliedern in der Gemeinde NEUDORF**

| 1 (EK) Ëmwelt a Klima ○ | 2 (DB) Demokratesch Biergerpartei ○ | 3 (PFZ) Partei fir Fortschrëtt an eng digital Zukunft ○ | 4 (FLT) Fräiheet, Land an Traditioun ○ |
|---|---|---|---|
| GRÜN Joanne | ANSELIN Fanny | DE OLIVEIRA Ashley | WAGNER Batty |
| PETERSON Pit | MOLITOR Antoine | WEBER Maxine | PROBST Angélique |
| VAN WERWEKE Jeanne | ORIGER Elisabeth | GERNSBACHER Theo | ABT Robert |
| DE SANTIS Gustavo | MULLER Claude | DIGIT Aly | WAGENBAUER Gérard |
| WELTER-HOPFSTETT Achim | STADTER-FONSECA Caroline | MÜLLER Apple | GOFFIN Thomas |
| DÜRR Sandra | BORGHESE Gianni | LECOURRIEL Jean | GONZALES Nuno |
| HIMMEL Florian | BOSKOVIC Stefan | AVATAR Ram | WAGNER Maddy |
| FLEISCHER Martine | OLINGER Anne | MARCONI Aldo | EULENBECK Michel |
| VOLGELSANG Mandy | MAJERUS Mariette | TESLA Tony | SPENGLER Ossi |
| HOFFMANN Nicole | WIRTH Olli | BAUER Nic. | MACARTHUR Winston |
| MARINI Sam | MARTINI Max | FISCHEL Arty | SAVIGNY Frédéric |
| VERDI Andrea | METZ Emily | TURING Alain | BURKE Edmond |
| IVEKOVIC Sonija | BURBACH Marcel | KEPPLER Jeanne | STRASSER Jill |

**Beispill 1: Léschtewal**

Case schwäerzen:
All Kandidat*in kritt doduerch eng Stëmm

oder

**Beispill 2: kumuléieren = häufen**

eenzel Kandidat*innen een- oder zweemol ukräizen

An dësem Fall: maximal 13 Kräizercher

oder

**Beispill 3: panaschéieren = mëschen**

eenzel Kandidat*innen aus verschidde Léschten ukräizen

An dësem Fall: maximal 13 Kräizercher

Source: duerchbléck! Nr. 1 – Gemengen a Walen

# Wien duerf wielen?

Online-Versioun vun der Aufgab:

http://www.edulink.lu/3lvf

- Ënnersicht folgend Fallbeispiller an entscheet mathëllef vun der Ressource R1, ob déi jeeweileg Persounen d'Recht hunn, aktiv un de Gemengewalen deelzehuelen oder sech wielen ze loossen. Begrënnt Är Äntwert.
- Liest déi kuerz Liewensleef nach eng Kéier duerch. Stellt eng Lëscht mat méigleche Beweegungsgrënn op, fir un de Gemengewalen deelzehuelen.
- Diskutéiert op Basis vun de Fallbeispiller an der Ressource R2 d'Bedeitung vun de verschiddene Sproochen, virun allem vum Lëtzebuergeschen, an der Gemengepolitik.

✱ De **Leo**, e Lëtzebuerger Schüler vun Diddeleng, gëtt den Dag vun de Gemengewale groussjäreg. E verdéngt sech als DJ e wéineg Täschegeld an de lokale Caféen an ass der Meenung, datt d'Restaurante misste bis 3:00 Auer nuets kënnen opmaachen.

✱ Den **Niam** ass mat 18 Joer aus Syrien geflücht. En hat Angscht, entweder vun der syrescher Regierung zum Militärdéngscht opgefuerdert ze ginn oder fir eng vun den opstännesche Gruppen an der Regioun kämpfen ze mussen. Well hien enger Folter- oder Doudesgefor ausgesat war, huet hien zu Lëtzebuerg Asyl ugefrot. E schwätzt Englesch a léiert Franséisch. Hie géing sech elo gären um Gemengeliewe bedeelegen an als Wieler un de Walen deelhuelen.

✱ D'**Maria**, 39 Joer al, ass portugisescher Ofstamung. Et schwätzt Portugisesch a Franséisch. Et lieft zu Miersch an huet do e klengt Geschäft opgemaach. D'Maria ass bestuet a Mamm vun zwee Kanner, déi zu Miersch an d'Grondschoul ginn.

✱ D'**Sarah**, 20 Joer al, huet franséisch Originnen. Et wunnt zu Capellen a war am Lëtzebuerger Schoulsystem. Well et sech mat der Lëtzebuerger Nationalitéit besser Beruffsperspektiven erhofft, huet et se mat 18 Joer ugefrot an och kritt. Et interesséiert sech net besonnesch fir Politik. Et studéiert op der Uni Lëtzebuerg a beschwéiert sech iwwer de Mangel un ëffentlechem Transport têschent sengem Wunnuert an der Uni.

✱ De **Samuel**, 27 Joer al, staamt aus dem Niger an huet zanter 2021 eng Openthaltsgeneemegung. En ass Member vun der Integratiounskommissioun vu senger Gemeng a begeeschterte Fussballspiller am lokale Fussballveräin. E wëll sech elo an d'Wielerlëschten androe loossen.

✱ Den **Tom**, 24 Joer al, ass e Lëtzebuerger Educateur a wunnt zanter Oktober 2022 nees an der Gemeng Jonglënster. Schonn als Kand huet hie mat grousser Begeeschterung um Kannergemengerot deelgeholl. Wéi en 13 Joer al ginn ass, si seng Elteren op Veianen geplënnert. Als Erwuessenen zitt et hien a seng al Heemechtsgemeng zeréck. Well en nach vill Kontakter an der Gemeng huet, wëll e bei de Gemengewale matgoen

✱ D'**Denise**, 31 Joer al, ass vun Dikrech a sëtzt zanter fënnef Joer seng liewenslänglech Strof of. Fir d'Dauer vu senger Inhaftéierung huet d'Riichterin em d'Biergerrechter entzunn. D'Denise huet ugefaangen, sech fir Politik z'interesséieren a géing gäre wielen.

✱ De **Joseph**, 35 Joer al, ass Lëtzebuerger an huet zu Zürech Chimie studéiert an nom Studium eng Aarbecht zu Basel fonnt. En interesséiert sech fir Theeme ronderëm d'Ëmwelt an d'Technik. Well en an Têschenzäit zwee Kanner huet, wëll hie politesch Entscheedunge beaflossen, déi hir Zukunft betreffen. En informéiert sech op sengem Gebuertsuert, ob e sech an d'Wielerlëscht kann androen.

Source: duerchbléck! Nr. 1 – Gemengen a Walen

## R1

### D'Walrecht am Resumé

| | Lëtzebuerger Nationalitéit | Nationalitéit vun engem EU-Memberstaat | Nationalitéit vun engem Land baussent der EU |
|---|---|---|---|
| Aktiivt Walrecht: d'Recht ze wielen | X | X | X |
| Passiivt Walrecht: d'Recht, gewielt ze ginn | X | X | X |
| Walflicht, wann een an der Wielerlëscht agedroen ass. | X | X | X |
| D'Androen an d'Wielerlëscht muss ugefrot ginn. | | X | X |
| Méiglechkeet, sech vun der Wielerlëscht sträichen ze loossen | | X | X |
| Wunnuert an der Gemeng | X | X | X |
| Dat 18. Liewensjoer muss den Dag vun de Walen erreecht sinn. | X | X | X |
| Iwwer Zivilrechter verfügen | X | X | X |
| Eng Openthaltsgeneemegung besëtzen | | | X |
| Passiivt Walrecht: zanter mindestens 6 Méint an der Gemeng wunnen, éier ee seng Kandidatur areecht | X | X | X |

## R2

### Gebrauch vun de Sproochen am Gemengerot

Art. 14 … „Déi üblech Sprooch, déi am Gemengerot geschwat gëtt, ass Lëtzebuergesch. D'Conseillere kënne sech och an enger vun deenen anere Sproochen ausdrécken, déi am Artikel 3 vum Gesetz vum 24. Februar 1984 iwwer de Sproocheregime genannt ginn. D'Dolmetsche vun der geschwater Sprooch oder eng Iwwersetzung vun de presentéierte schrëftlechen Dokumenter an eng vun de Sproochen, déi am uewe genannte Gesetz virgesi sinn, oder an eng ganz aner Sprooch duerf vu kengem verlaangt ginn."

Quell: Extrait vum Lëtzebuerger Gemengegesetz, 2013 * Däitsch, Franséisch

**Wéi geet dat?**
**De Waldag online**

http://www.edulink.lu/7zxr

Source: duerchbléck! Nr. 1 – Gemengen a Walen

# Stëmmen zum kommunale Walrecht

- Liest folgend Aussoen zur Participatioun un de Gemengewalen duerch.
  - Wat fir eng Aussoe schwätze fir d'Participatioun vun Net-Lëtzebuerger*innen un de Gemengewalen? Wat fir eng Aussoe schwätzen dogéint?
  - Wat fir eng Aussoe schwätzen allgemeng fir d'Participatioun un de Gemengewalen? Wat fir eng Aussoe schwätzen allgemeng dogéint?
  - Fannt eraus, ob et bei de Grënn fir d'Participatioun un de Gemengewalen Ënnerscheeder tëschent de lëtzebuergeschen an den netlëtzebuergesche Wieler*inne ginn.
- D'Walen eleng maachen nach keng Demokratie aus. A wat fir enge gesellschaftleche Beräicher kënnen d'Awunner*innen an hirer Gemeng nach matbestëmmen?
- Formuléiert Äre Point de vue zum Theema Walrecht fir Net-Lëtzebuerger*innen op kommunalem an nationalem Niveau mathëllef vun de Ressourcen R1 bis R3.

" Ech schwätze kee Lëtzebuergesch an an der Gemeng leeft alles op Lëtzebuergesch.

" Ech muss wiele goen, an hie ka sech vun der Wielerlëscht sträiche loossen, wann hie keng Loscht méi huet.

" Duerch d'Participatioun un de Gemengewalen hunn ech d'Méiglechkeet, matzëentscheeden a meng politesch Preferenzen auszedrécken.

" Meng Kanner ginn hei an d'Schoul a se spillen an der Gemeng Basket. Dat, wat an der Gemeng geschitt geet mech also eppes un.

" Et ass eng Méiglechkeet, fir seng Onzefriddenheet auszedrécken.

" Mir gefält d'Politik vum Gemengerot a menger Gemeng net. Fir se ze änneren, muss ech wiele goen.

" Wielen ännert näischt, well d'Kandidat*inne sinn alleguerten d'selwecht.

" D'Politik interesséiert mech net

" Ech kenne keen, dee meng Interesse vertrëtt.

" Mech setzt d'Walflicht ënner Drock. Wat geschitt, wann ech den Dag vun de Walen an der Vakanz sinn?

" Politik! Dat geet mech näischt un. Ech weess net, wéi dat geet a wat déi do maachen.

" Duerch mäin Duerf geet moies e risegen Trafic. Dat muss sech änneren. Ech huelen un de Walen deel, well et wichteg ass meng Interessen ze verteidegen.


" D'Citoyennetéit huet näischt mat der Nationalitéit ze dinn.

" Haut wiele se nach a menger Gemeng a muer wunne se schonn nees an engem anere Land.

" Ech schaffen de ganzen Dag an ech hu keng Zäit, fir mech an der Gemeng ze engagéieren a mech ze informéieren!

Source: duerchbléck! Nr. 1 – Gemengen a Walen

### R1
**Participatiounsméiglechkeeten an der Gemeng**




### R2
**Wousst Dir schonn?**

- Den Undeel vun Net-Lëtzebuerger*innen an der Gesamtbevëlkerung ass vu 36,9 % (2001) op 47,1 % (2022) gestigen.
- Tëschent 2011 an 2021 ass d'Bevëlkerung zu Lëtzebuerg ëm 23 % gestigen an dat zu 64 % duerch Immigratioun.
- 86,9% vun den Auslänner*innen, déi zu Lëtzebuerg wunnen, kommen aus Europa, dorënner stamen der 80,8 % aus engem aneren EU-Memberstaat (2022).
- Duerch d'Gesetz iwwer d'duebel Nationalitéit (2009) ass d'Zuel vun den naturaliséierte Persoune staark an d'Luucht gaangen. Am Joer 2018 ass mat 11 876 Naturalisatiounen en Héchststand erreecht ginn.
- 18,4 % vun de Lëtzebuerger*innen hu wéinstens zwou Nationalitéiten (2022).
- D'Salariat besteet zu 46,3 % aus Frontalieren*èren, zu 27,3 % aus Residenten*ën, déi déi lëtzebuergesch Nationalitéit net hunn an zu 26,4 % aus Lëtzebuerger*innen (2021).
- Nëmmen 12 % vun de walberechtegten Net-Lëtzebuerger*inne ware bei de Gemengewale vun 2017 ageschriwwen.

Quell: Statec

### R3
**Entwécklung vum Walrecht zu Lëtzebuerg**

**1919** | Aféierung vum allgemenge Walrecht *(droit de vote universel)*. All d'Lëtzebuerger*inne kréien dat aktiivt an dat passiivt Walrecht.

**1972** | Dat aktiivt Walrecht gëtt op 18 Joer erofgesat.

**1995** | Déi europäesch Citoyennetéit, déi am Vertrag vu Maastricht (1992) virgesinn an 1995 zu Lëtzebuerg agefeiert gouf, ëmfaasst dat aktiivt an dat passiivt Walrecht fir EU-Bierger*innen um kommunalen an europäeschen Niveau.

**2003** | Dat passiivt Walrecht gëtt op 18 Joer erofgesat. Persoune vu 75 Joer u sinn net méi walflichteg.

**2005** | Ëffnung vun de Gemengewale fir Net-EU-Bierger*innen.

**2008** | Aféierung vun der duebeler Nationalitéit.

**2015** | Referendum iwwer d'Participatioun vun Net-Lëtzebuerger*innen un de Chamberwalen. Dee gouf mat enger klorer Majoritéit ofgeleent.

**2022** | Ofschafe vun der Wunnsëtzklausel vu fënnef Joer fir Net-Lëtzebuerger*innen, déi sech an d'Wielerlëschte fir d'Gemengewale wëllen androen a Verlängerung vum Delai fir d'Inscriptioun an déi genannt Lëschten.

Source: duerchbléck! Nr. 1 – Gemengen a Walen